FOYERS SENIORS Asbl sicht fir ab direkt fir hirt

Club Haus am Säitert zu Alzeng

1 diploméierten Erzéier
oder equivalent
(m/f/d)
CDD 40 Stonnen/Woch

Remplacement vun enger Dispens suivéiert vum Congé de maternité an engem Congé parental
Convention collective SAS/carrière C4

Wat ass d'Aufgab vum Mataarbechter:

- Sech em den Accueil vun de Client'en am Club këmmeren an duerfir suergen, datt Leit sech wëllkomm fillen
- Leit iwwert de Club an seng Offeren informéieren
- Workshops organiséieren an och leeden
- Aktivitéiten an de verschiddenste Beräicher entwéckelen, organiséieren an duerchféieren
- D'Offer beschreiwen a redaktionell opschaffe fir d'Publikatioun vum Programm
- Administrativ Aufgaben erleedegen déi am Zesummenhang mat der Aarbecht vum Educateur stinn

Wat gëtt nach erwaart:

- Eng vertrauensvoll Bezéiung zu de Clienten opzebauen an ze entwéckelen.
- Sécherstellen, datt Ziler vum Club ëmgesat ginn, dat heescht:
    - Förderung an Befäegen zum aktiven Alteren "active aging",
    - Sensibiliséierung fir Virdeeler vu kierperlecher a mentaler Aktivitéit an all Alter
    - Ënnerstëtzung vun interkulturellen an intergenerationellen Aktivitéiten
    - Sozial Kontakter erméiglechen an domat géint d'Isoléierung vu Mënschen an eiser Gesellschaft entgéintwierken.

Äre Profil :

- Diplom vum Educateur(trice) diplômé(e) oder equivalent
- Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch verstoen, schwätzen a schreiwe kennen
- Gutt Computerkenntnisser
- Dir sidd professionell a bereet zu flexibelen Zäiten ze schaffen
- Dir sidd een Equipe-Mënsch an är Kolleegen an äre Patron kennen sech op iech verloossen
- Dir sidd motivéiert a maacht är Aarbecht mat Freed an Iwwerzeegung
- Dir sidd organiséiert an dynamesch a fannt Léisunge bei Schwieregkeeten
- Dir sidd kreativ a kapabel fir pedagogesch Aktivitéiten a Projet'en auszeschaffen an ëmzesetzen

Wat bidde mir:

- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht wou een d'Méiglechkeet kritt selwer Saachen ëmzesetzen
- Aarbechtsbedéngungen a Bezuelung nom SAS-Kollektivvertrag C4

Schéckt Är Kandidature mat enger Kopie vun ären Diplomer **bis spéitstens den 30.12.2024** un:

Club Haus am Säitert
1 rue Jos Paquet
L-5872 Alzingen